



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3709 du 24 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Stratégie de vaccination".

Lëtzebuerg ass vun offizieller Säit net driwwer informéiert dass d' Schwäiz oder Däitschland Impfdosen vun AstraZeneca wëlle verkafen. D' Neue Züricher Zeitung am Sonntag an d'Agence Reuters schwätzen an dësem Zesummenhang iwweregens vun „Spekulatiounen“ dass d'Schwäiz esou eppes eventuell wëllt maachen.

D' Lëtzebuenger Regierung baséiert sech bei der Zouloossung vun Impfstoffer op den Avis vun der Europäescher Medikamenten Agence (EMA). Dës Agence ass jo zur Konklusioun komm, dass den Impfstoff vun AstraZeneca effikass ass. Rezent Studien aus Israel an Schottland confirméieren dës Efficaciteit. D' Weltgesundheitsbehörde huet sech och favorabel iwwert dësen Impfstoff ausgedréckt.